

CRÉATION THÉÂTRE D'ESCH / EN PARTENARIAT AVEC «LES AMIS DU THÉÂTRE D'ESCH»

Endspill

Theaterstück vum Samuel Beckett

Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Guy Wagner



Claude Mangen



Jules Werner

Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Guy Wagner
Beckett op Lëtzebuergesch? Firwat net, oder éischerter
nach: Ma kloer! Net nëmmen op franséisch, an der
Sprooch, an deeër d' „Endspill“ geschriwwwe gouf, mee
a ville Sproochen an Dialekter gëtt d'Stéck gelies a
gespillt, an iwwerall op der Welt hu Mënschen sech am
Beckett sengen Personnage erëmfonnen. Och an eiser
Sprooch. Dës eegent sech wonnerbar, fir dem groussen
Sam seng eenzegaarteg Diktioun a säi Sproochrythmus
méiglechst natierlech erëmzeginn.

De Misär vun der Welt, d'Zerstéierung vun der Äerd,
d'Gebriechlechkeete vun de Kierper, gehéieren se net
zu eisem Liewen, zur mënschlecher Existenz? Si mer
net all am Gaang, als Figuren op engem Schachbriet
deen nächsten Zuch ze maachen? Mee wie réckelt
eis?

Am „Endspill“ sinn se nach zu véier: den Hamm, de
Clov, de Nagg an d'Nell – en Hummer an dräi Neel,
huet de Beckett mol ugedeit. Eppes ass geschitt: eng
Katastroph, mee wat fir eng, weess een net. Den Hamm
ass blann, de Clov kann sech weeder knéie nach
sëtzen, de Nagg an d'Nell haten e Velosaccident an
hu keng Bee méi. «Bons pour la poubelle», huet emol
e gudde Frënd gemengt fir Saache, wou et kee Wäert
méi hätt, se ze versueren. Hei passt dat am Sënn
vum Wuert op déi zwee Al, dem Hamm seng Elteren: Si

THÉÂTRE

T074 JE 13 AVR 06 (20.00)

T075 SA 22 AVR 06 (20.00)

T076 DI 23 AVR 06 (20.00)

Regie : Charles Muller **Décor a Kostümer** : Anouk Schiltz **Luuchten** : Željko Šestak
Assistenz : Valérie Bodson **Mat** : Claude Mangen, Max Pütz, Annette Schlechter a
Jules Werner

vegetéieren an Dreckschächten, an déi sinn e Schlësselbild vum Theater am 20. Jorhonnert ginn.

Et geet mat allem zu Enn, mee déi véier an hirem Bunker klamere sech un dat, wat nach do ass. Fir d'Neil sinn et hir Erënnerungen, fir den Nagg dat, wat et nach z'iessen gëtt, fir de Clov, heescht et, eng Méiglechkeet ze fannen, aus dëser Häll auszebriechen, fir den Tyrann vun Hamm heescht et, seng Geschicht ze verzielen, weider ze verzielen, weider a weider, fir se méi no un hiert Enn ze bréngen. Eng Geschicht, déi wuel de Schlëssel zum Ganzen ass, mee, déi och dës kéier net zu Enn gefouert gett, well esou laang een nach Wieder féinnt, geet et weider.

Dat ass de Courage vum engem Schrëftsteller, deen ouni déi geréngsten Illusioun ëmmer erëm nei Biller fir d'Liewe vum Mënsch geschafent huet, sech ni ginn huet, Wieder ze fannen (Beckett: „dat ass dat eenzegt wat mer hunn“), Wieder déi „et“ solle soe, sou wéi et ass. Dëse grouse Mann vun der Literatur a vum Theater ass och een, deem seng d'Komik sou drolech ka ginn, datt d'Laachen engem am Hals stieche bleift, an deem seng Mënschlechkeet, seng Bridderlechkeet, een zum Kräische bréngen kann. (GW)

Den Escher Theater ass houfreg, am Jubiläumsjor

vun der Stad, genee um 100. Gebuertsdag vum groussen Auteur, den 13. Abrëll, dem Samuel Beckett säi bedeitendst Stéck „Endspill“ an eiser Sprooch ze produzéieren. D'Iwwersetzung op Lëtzebuergesch ass vum Guy Wagner, dem fréieren Direkter vum Theater (1985-1992), deen all d'Stécker vum Beckett op Lëtzebuergesch iwwerdroen huet.

„D'Enn läit am Ufank dran, an awer fiert ee virun“.

Samuel Beckett